



MAISON DU GRAND-DUC

## Biografie vum Prënz Sébastien

---

De Prënz Sébastien ass de 16. Abrëll 1992 an der Maternité Grande-Duchesse Charlotte op d'Welt komm.

De Prënz Sébastien Henri Marie Guillaume, Prënz vu Lëtzebuerg, Prënz vun Nassau a vu Bourbon-Parme, ass dat jéngst vun de fënnef Kanner vum Grand-Duc an der Grande-Duchesse vu Lëtzebuerg.

Seng Bridder a Schwëstere sinn:

- de Prënz Guillaume, Ierfgroussherzog,
- de Prënz Félix,
- de Prënz Louis
- d'Prinzessin Alexandra.

Am Joer 2010 krut de Prënz Sébastien den Uerde vum Lion d'or vum Haus Nassau.

### Ausbildung an Aarbecht

No der Spillschoul zu Angelsbiërg ass de Prënz Sébastien fir d'Primärschoul an *d'St. George's International School* zu Lëtzebuerg gaangen. Duerno gong hien an England op *d'Sunningdale School* an den *Ampleforth College*, wou scho säi Grousspapp, de Grand-Duc Jean, geléiert huet. Mat engem Baccalauréat international an der *International School* vu Lëtzebuerg huet hie seng Sekundarstudien ofgeschloss. De Prënz schwätzt fléissend lëtzebuergesch, franséisch, englesch, an däitsch, ausserdeem och spuenesch.



MAISON DU GRAND-DUC

Vu September 2009 bis Mäerz 2010 huet de Prënz Sébastien e Stage bei der Fondatioun Kräizbiërg gemaach, déi sech fir Mënsche mat engem Handicap asetzt.

Fir seng Universitätsstudien ass de Prënz an Amerika gaangen. Während der Vakanz huet hien am Joer 2014 e Stage bei LVMH Watch & Jewellery zu Hong Kong gemaach, wou hie bei der Organisatioun vun Evenementer assistéiert huet. Zanter Dezember 2015 huet de Prënz en Diplom am Marketing an der Kommunikatioun vun der *Franciscan University of Steubenville*.

2016 mëcht hien e Stage als Chargé de Marketing an der Vente bei sengem Brudder a senger Schwéiesch, dem Prënz Félix an der Prinzessin Claire um Château les Crostes an der Provence.

Nodeems hien Online-Coursen an der Solarenergie gemaach huet, schafft hien dann an der Forstwirtschaft an Däitschland, wou hie sech virun Allem op nohalteg Methoden an d'Wuel vun den Déiere konzentréiert.

Wéi säi Papp, de Grand-Duc Henri (am Joer 1975), a säin eelere Brudder, den Ierfgroussherzog Guillaume (am Joer 2002) huet de Prënz Sébastien 2016-2017 eng Formatioun zum Offizéier bei der prestigiéisier *Royal Military Academy zu Sandhurst (RMAS)* an England gemaach, a gouf am September 2017 als Offizéier vun der Lëtzebuerger Arméi vereedegt. Zanterdeem kommandéiert hien e Peloton vum Regiment vun den *Irish Guards* an der englescher Arméi, an deem scho säi Grousspapp, de Grand-Duc Jean, während dem 2. Weltkrich gedéngt huet.

De Prënz Sébastien ass u frieme Kulturen an der Natur intresséiert an ass an deem Kontext am Joer 2019 dräi Méint duerch Neiséiland gereest.



MAISON DU GRAND-DUC

## Offiziell Aktivitéiten

Wa säin Agenda him et erlaabt, hëlt de Prënz Sébastien Deel u verschiddeenen Aktivitéiten an Zeremonien, wéi Nationalfeierdag oder der Schlussprässioun vun der traditioneller Oktav.

Bestriecht d'Wärter vum Sport z'ënnerstëtzen, huet de Prënz Sébastien den Haut Patronage vun der Fédération luxembourgeoise de natation et de sauvetage (FLNS) iwwerholl.

## Interessen a Fräizäit

De sportbegeescherte Prënz Sébastien geet gär klammen, fiert Schi, schwëmmt an intresséiert sech fir de Rugby. Nodeems hien e puer Joer an engem Club gespillt huet, gouf hien an d'Nationalequipe U18 vu Lëtzebuerg gewielt, grad ewéi och an d'Equipe vu senger Universitéit.